



---

## Avis au public

### Bike4all – Alles op de Vëlo am Waarkdall

Sonntag, 19. September 2021 // 10.00 bis 18.00 Auer

---

D'Gemenge Feelen, Mäerzeg a Groussbus, a Kooperatioun mat de Gemengekommissiounen an de Veräiner, organiséieren am Kader vun der europäescher Mobilitéitswoch ([www.mobiliteitswoch.lu](http://www.mobiliteitswoch.lu)) an dem „Tour du Duerf“ ([www.tourduduerf.lu](http://www.tourduduerf.lu)) déi 3. Editioun vum autofräien Dag mam Fokus op de Vëlo.

Dëst Evenement fënnt de Sonntag, 19. September 2021 vun 10.00 bis 18.00 Auer statt. Et fällt dëst Joer also och nees op de Kiermessonntag zu Mäerzeg wou d'Gemeng mat de Veräiner de ganze Weekend e flotte Programm opgestallt huet.

D'Hauptstrooss (N21) ass komplett vun Uewerfeelen bis op Groussbus fir de Verkéier gespaart. Well d'Linnebusser awer wäerten um Tracé fuere gëllt et fir d'Cyclisten opzepassen an no dem Code de la Route ze fueren. Zousätzlech ass d'Rue de Dellen vum Gemengenhaas un bis op Dellen gespaart. D'Administratioun vum "Ponts & Chaussées" këmmert sech ëm d'Ofspäre vun den Hauptstroossen (N21, CR314, CR345). Op kommunalem Niveau musse mir d'Accès vum de Niewestroossen op d'Hauptstrooss spären a warnen/deviéieren de Verkéier mat Zäit iwwer Beschëlderung. Well d'Stroossen um Knapp, Luuchteberg, Réimercité a Fléitz vum Parcours ëmkreest sinn, gëtt op der Kräizung rue Principale / um Knapp / rue Wéchen e Passage amenagéiert. Op dem Plang fannt Dir all néideg Informatiounen bezüglech der Zirkulatioun an de Spärunge während dem Evenement.

Falls Dir um Tracé vum Evenement wunnt a vun enger Verkéiersspärunge betraff sidd an den Dag och Äert Haus musst mam Auto verloossen, biede mir lech déi néideg Mesuren ze huelen an Ären Auto an enger Niewestrooss ze parken, ofgesinn vun engem Noutfall natierlech.

Mir soen lech am Virfeld Merci vir Äert Versteesdemech a freeën eis op puer Stonnen autofräien Dag an eise Duerfzentrum.

De Schafferot